N°7047
Entrée le 29.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7047 vum 24. Oktober 2022 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

***Ginn et fest Krittären, wéi laang eng Foussgängerluucht fir Foussgänger muss gréng sinn, zum Beispill baséierend op der Breet vun der Strooss? Wann jo, wéi eng sinn dat? Wann nee, firwat net?***

Zu Lëtzebuerg gi Foussgänger-, Vëlo- a Verkéiersluuchten no der "Richtlinie für Lichtsignalanlagen" (FGSV), an no EN-Normen souwéi DIN-Norme geplangt. D'"Richtlinie für Lichtsignalanlagen" gesäit effektiv fir all Verkéiersparticipant eng Mindestfräigabezäit (gréng) vir, fir kënnen ee signalgereegelten Iwwergang oder Knuetepunkt ze iwwergoen. Duerno ass och fir all Verkéiersarticipant eng Iwwergangszäit (am Prinzip orange) virgesinn, fir datt d'Participanten d'Konfliktflächen (den Iwwergang oder Knuetepunkt) net méi betriede sollen an dës och virun der Spärzäit (rout) nach raume kënnen.

Beim Foussgänger-/Vëlosiwwergang ass et elo esou, dass de Foussgänger/Vëlosfuerer zum Schluss rout ugewise kritt, wann en sech nach um Iwwergang befënnt. Dat kënnt doduerch, datt déi entspriechend Luucht, aneschters wéi beim motoriséierte Verkéier, hannert der Konfliktfläch läit an datt de Signalgeber och schonns fir d'Iwwergangszäit rout uweist (et gëtt bei der Foussgänger-/Vëlosfuerer-Luucht keen orange Signalgeber). Dat bedeit awer just, datt da keen weidere Foussgänger den Iwwergang soll betrieden an déi aner Foussgänger dëse raume sollen.

Et ass awer och virgeschriwwen, datt iwwert ee Puffer – eng "Tëschenzäit" – all Verkéiersparticipant, dee sech souguer ganz zum Schluss vun der Fräigabezäit nach op d'Konfliktfläch begëtt, dës trotzdeem nach ouni Gefor virum Antreffe vum konfliktuelle Verkéiersstroum raume kann. D'Foussgänger um Iwwergang hunn also ëmmer genuch Zäit fir dëse komplett ze iwwergoen.

Wat d'Mindestfräigabezäit betrëfft, muss dës fir d'Foussgänger mindestens sou laang sinn, datt eng Persoun sech (mat enger Geschwindegkeet vun 1,2 m/s) bis an d'Hallschent vum Iwwergang beweege kann. Ouni elo Informatiounen iwwert d'Planung bei den aneren Exploitanten ze hunn, ginn d'Gréngzäiten an den Neiplanungen a Moderniséierunge vun der Stroossebauverwaltung trotzdeem am Normalfall méi komfortabel fir d'Foussgänger geplangt, sou datt si eng Fräigabezäit hunn, fir mindestens 2/3 vum Iwwergang hannert sech ze leeën.

Op Plaze wou ee Foussgängeriwwergang sech an der Géigend vun enger Schoul, engem Alters- oder Blannenheem befënnt, plangt d'Stroossebauverwaltung d'Gréngzäite vum Iwwergang prinzipiell sou datt et fir dës Persoune méi agreabel ass iwwer d'Strooss ze goen (verlängert Gréngzäit).

***<u>Falls d'Äntwert op d'Fro 1 jo ass, gëtt kontrolléiert, op dës Krittären och tatsächlech agehale ginn? Falls nee, firwat net?</u>***

Dës Mindestgréngzäite ginn an de Programméierunge vun de Luuchtenanlagen sou agestallt, datt dës net kënnen ënnerschratt ginn.

***<u>Gëtt beim Astelle vun de Foussgängerluuchten dorop opgepasst, ob dës och fir Leit mat enger Behënnerung oder fir eeler Leit, déi net méi esou schnell ze Fouss sinn, ze packen ass?</u>***

Bei der Stroossebauverwaltung si séit 2017 bei all neie Projeten (entspriechend der DIN 32981) d'Foussgängeriwwergäng mat engem speziellen Taster equipéiert, deen "Personnes à mobilité réduite" (eeler Persounen oder Persoune mat enger Behënnerung) drécke kënnen. Wann een deen Taster, dee sech ënnert dem Foussgängertaster befënnt, betätegt, gëtt d'Gréngzäit sou erhéicht, datt ee fir déi ganz Breet vun der Strooss gréng huet. Dobäi ginn och akustesch Signalgeber fir Sehbehënnerter aktivéiert.

Lëtzebuerg, den 29. November 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch